N°2570
Entrée le 07.08.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, dem Kulturminister an dem Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus op d'parlamentaresch Fro n° 2570 vum 4. Juli 2025 vum Här Deputéierten Fred Keup.**

***Virun e puer Deeg koum et zu engem Changement an der Entrée vum Findel. Bis ewell goufen d'Passagéier mat engem groussen Embleem mam Text "Moien" begréisst. Dës flott Begréissung gouf awer elo duerch en neien Embleem mam franséischen Numm vun eisem Land "Luxembourg" ersat.***

***An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:***

***1) Wéi ass déi Decisioun begrënnt de "Moien" an der Entrée vum Findel ewechzehuelen anduerch "Luxembourg" ze ersetzen. Handelt et sech ëm eng temporär oder eng dauerhaft Moossnam?***

Lux-Airport huet eis heizou folgend Informatioune geliwwert: D'Plaz virum Terminal ass als kommerziell Reklammsfläch ausgewisen. D'Werbefläch, op déi hei verwise gëtt, gëtt iwwert eng spezialiséiert Firma déi Sous-Traitant vu Lux-Airport ass, verlount. Laangjäregen Notzer war d'ING Luxembourg, déi sech aus geschäftspolitesche Grënn zeréckgezunn huet. Mat hirem Réckzuch ass och dat bekannte *Moien* virum Fluchhafen verschwonnen.

Zënterhier steet op der genannter Werbefläch de Schrëftzuch „LUXEMBOURG", deen d'Promotiounssignatur vum Land duerstellt. Dëst ass eng provisoresch Léisung. Fir 2026 ass eng digital Installatioun virgesinn, déi Informatiounen a promotionell Contenuen iwwer Lëtzebuerg soll diffuséieren a speziell fir dës Plaz entwéckelt gëtt.

De Fluchhafen ass strategesch wichteg fir d'Markebild vum Land. Aus deem Grond goufen eng Rei Moossnamen ergraff fir, op där Plaz, déi soziokulturell Identitéit vum Land an d'Diversitéit vun der Lëtzebuerger Wirtschaft ervirzesträichen. Dëst gëtt a Koordinatioun mat de Partner vun der Promotioun vu Lëtzebuerg gemaach.

***2) A menger parlamentaresch Fro Nummer 586 hat ech d'Regierung ausserdeem gefrot, ob um Findel eng Beschëlderung op Lëtzebuergesch virgesi wier. D'Regierung huet deemools mat Nee geäntwert. Ass dat nach ëmmer sou? Falls jo, firwat?***

Am Moment schaffe lux-Airport an de Kulturministère un engem Konzept fir d'Fërderung vun der lëtzebuergescher Sprooch um Fluchhafen. Et ass ausserdeem virgesinn, d'Lëtzebuerger Sprooch an déi genannten digital Promotioun ze integréieren.

D'Orientéierungsbeschëlderung bleift awer bis op Weideres op Englesch a Franséisch bestoen. Lux-airport ass een internationale Fluchhafen a ka wéinst sengen internationale Passagéierinnen a Passagéier net op Englesch a Franséisch verzichten.

Op anere Plazen, ewéi zum Beispill bei der automatescher Uso am Terminal gëtt och Lëtzebuergesch benotzt.

3) ***Gesäit d'Regierung dann net, genausou wéi och am Fall vum aktuellen Embleem, e Widdersproch zu hirem Verspriechen am Koalitiounsaccord, d'Lëtzebuerger Sprooch ze fërderen?***

D'Lëtzebuerger Sprooch ass en zentraalt Element vun der Promotioun vum Land. D'Ekipp vun der d'Promotioun vum Markebild am Wirtschaftsministère schafft dofir enk mam Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch a mam Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch zesummen, fir d'Sprooch sou wäit wéi méiglech a verschidde Promotiounsmëttel anzebannen, dat net nëmmen um Findel.D'Haaptzil besteet doranner, auslännesch Léit fir eist Land ze interesséieren, vum Tourist iwwer de Chercheur bis zum Entrepreneur.

Lëtzebuerg, de 5. August 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes